



EISEN NEWSMAG

N° 254 | AVRIL 2020
BULLETIN BILINGUE



GEMENG
SCHËFFLENG



MIR SOE VILLMOOLS MERCI FIR ÄREN ASAZI!
NOUS VOUS REMERCIONS POUR VOTRE ENGAGEMENT !



Administration communale de Schiffflang | Éditeur responsable

Service des citoyens et de la communication | Rédaction

Tom Di Maggio | Service des citoyens et de la communication | Images et Illustrations

Moskito | Mise en page

Avril 2020 | Heintz | Impression

4.800 exemplaires | Tirage



INDEX

Virwuert vum Buergermeeschter Le mot du maire	06
---	----

RETROSPEKTIV | RÉTROSPECTIVE 08

Classes de neige	08
Bamschnëttcours	09
Remise des montres de mérite	09
Kuck a Klick	10
Merci Aktioun Stammzellespender	10
Internationale Fraendag	11
Anniversaires: M. Junius M. Gille	12
Schëffleng Hëlleft	14
Seniorenfeier Preisiwerrechnung	15

NEI MATAARBECHTER | NOUVEAUX COLLABORATEURS 16

NEIEGKEETEN | NOUVEAUTÉS 17

Rubrik „Dës Schëfflenger Frae muss ee kennen“	17
Rubrik „Schëffleng – gëschter an haut“	20

VERSCHIDDENES | DIVERS 21

Service communal à présenter: Secrétariat communal	21
Explications sur le chantier devant l'Hôtel de ville	23
Texte sur les étangs	24
Nouveau règlement-taxi	24

POLITESCH PARTEIEN | PARTIS POLITIQUES 28

Déi Gréng	28
CSV	29
LSAP	30
DP	31

Nous vous informons que les rapports des conseils communaux sont exceptionnellement publiés sur le site de la commune www.schifflange.lu, ceci concerne les réunions du 06.12.2019, 13.12.2019 et du 20.12.2019. Les personnes qui désirent avoir une copie papier sont priées de s'adresser au numéro **54 50 61 – 214** ou de faire un e-mail à scc@schifflange.lu.

Les rapports des conseils communaux du 07.02.2020 et du 13.03.2020 seront publiés dans un prochain Newsmag.





Haut schreiwen ech dësen Editorial ënner Konditiounen, déi mir eis all virun e puer Wochen an eise schlemmsten Dreem esou net virgestallt hätten. Den état de crise ass ausgeruff, mir sinn all am Ausnamezoustand!

Zënter e puer Wochen ass alles anescht. Mir mussen all mateneen eng Kris mat Suergen a mat groussen Auswirkungen op all Beräicher meeschteren.

Eise leeschten Newsmag geet zréck op de leeschte Februar. Zënterhier ass villes geschitt. An Ufank Februar war sech kee bewosst, wat alles op eis zoukënnt. Wuel huet d'Weltgesundheitsorganisatioun schonn Enn Januar den Noutstand ausgeruff, awer deemools war nach "alles wäit ewech", a mir all hunn et net esou wouer geholl. Haut wësse mir, datt d'Pandemie eist Land, jo d'ganz Welt am Grëff huet.

Eise grouse Respekt an härelechste **Merçi** geet un all déi, déi elo mat Kraaft an Energie, mat Engagement a vill Dévouement dofir suergen, datt Leit gesond ginn a bleiwen, datt eis Gesellschaft weider fonctionéiert, wuel wëssend alerdéngs och, datt eis Zesummeliwwen, datt eis Ekonomie, datt eis Liewensqualitéit uerg strapazéiert ginn.

Eis Empathie gëllt all deenen, déi ënnert de Konsequenze vum Coronavirus leiden, a besonnesch deenen, déi duerch de Coronavirus hiert Liewe verluer hunn. Hire Familien eist Bäileed vun Häerzen.

Dës Zäit, dës Kris huet och eis Gemeng virun nei an onbekannten Erausforderunge gestallt. Eis primär Aufgab war et e sougenannte "Plan de continuité d'activité communal (PAC)" op d'Been ze stellen, mam Zil d'Basisaktivitéite vun der Gemeng fir eis Bierger oprecht ze halen an ze garantéieren. Et ass eis reiwungslos gelongen eis esou opzestellen, datt eis Mataarbechter ënner beschtméigleche Konditiounen hir Aufgaben am Déngscht vum Bierger konnten erfëllen. Ech sinn houvreg, datt mir dës Direktive konnten ouni gréisser Schwierigkeiten ëmsetzen, well all eenzele Service, deen hei gefuerdert war, sech mat vill Versteesdemech, gesondem Mënscheverstand a Kompetenz dës Erausforderung ugeholl an ëmgëst huet. Hinnen e grouse **MERCI**.

Mir concertéieren eis ausserdeem reegelméisseg an enger Zort "Cellule de Crise" fir zesumme mat der Police

d'Lag ze analyséieren an d'Bierger permanent a präzës um leschte Stand ze halen iwwer getrafte Moossnamen oder nei Consignes.

Eis Gemeng ass weiderhi beméit e Maximum u Servicer fir de Bierger ze garantéieren, a bréngt et souguer fäerdeg nach zousätzlecher ze offrëieren. Een Deel vun eise Leit mécht Homeworking, den Télétravail ass fir deen een oder aneren Neiland, awer et klappt. Eis Servicer schaffen natierlech och - esou wäit dat méiglech ass - un de Projets weider! Wuelwëssend, datt zu dësem Zäitpunkt kee weess, wat fir Changementer nach wäerten op eis duerkommen.

Well alles wat geschitt, huet jo och seng Auswirkungen op eis Gemengeliwwen: D'Veräinsliwwen ass jo aktuell quasi inexistent, wéi et mat den Infrastrukturprojete viru geet, léisst sech zu dësem Moment net einfach soen. Wéi gesot een Deel vun den Dossiere leeft weider! Mir stellen eis op alles an; de finanziellen Enjeu ass och nach net ze kucken, ekonomesch Konsequenze vun der Kris bleiwen awer sécherlech net aus ... a wéi enger Gréisstenuerdnung déi Repercussioun sech ausweist ass definitiv eng Inconnue.

Dat ass jiddefalls een Defi, deem mir eis stelle mussen, am Vertrauen, datt alles op de Versteesdemech trëfft, datt jidder Eenzele weess, datt mir an enger Kris sinn, an datt d'Gestioun net an de normale Bunne leeft!

Ofschléissend wëll ech am Numm vum Schaffen- a Gemengerot mat Nodrock allen Merçi soen, déi dofir suergen, datt villes um Rulle bleift ... de grouse **MERCI** geet natierlech vrun allem un d'Leit aus dem Gesundheets- a Flegesecteur, déi egal wat se schaffen oder leeschten eng extraordinär Aufgab erfëllen. Leit, déi méi ewéi hir Flicht erfëllen ... an un déi vill aner Leit, déi fir eis alleguer do sinn.

Eis Gedanke sinn och bei alle Familljen, déi grouss Suergen ëm hier Léifsten hunn, an déi duerch déi onbaarmhärezeg Viruserkrankung Mënschen verluer hunn, ouni richtig Äddi soen ze kënnen.

Jo et ass eng schwiereg Zäit. Mat Courage a Gedold meeschtere mir alles, dovunner sinn ech iwwerzeegt. Déi vill Gesten an Zeeche vu Solidaritéit, vun Hëlfsbereitschaft a vu Nächsteléift, de Wëllen dës Match ze gewinnen, den Engagement vun alle, wat och ëmmer se schaffen ... si Momenter vun der Hoffnung, vu neie Perspektiven a vu neie Chancen. Fir eis alleguer.

Bleift gesond. Bleift disciplinéiert. Bleift responsabel. Bleift doheim!

Mir bréngen eist Schëffleng, eis Gesellschaft erëm un d'Rullen.

Paul Weimerskirch
Buergermeeschter



Chères concitoyennes, Chers concitoyens,

Qui aurait cru, il y a quelques semaines à peine, que ce serait dans des conditions d'état de crise que je m'adresserai à vous !

Et pourtant, c'est le cas. Depuis quelques semaines, notre vie a changé radicalement, nous sommes contraints de sacrifier certaines de nos libertés et de nos habitudes dans la lutte contre cet ennemi omniprésent et d'autant plus redoutable alors qu'il est invisible et qui se nomme Covid-19. L'organisation mondiale pour la santé l'avait déjà détecté fin janvier et déclaré l'état de crise, mais, à ce moment, il était encore tellement loin de chez nous. Désormais, le monde entier est sous l'emprise du virus.

A l'heure actuelle nous devons notre respect et notre reconnaissance à tous ceux qui s'investissent corps et âme pour notre santé, pour le maintien du fonctionnement de notre société, sachant que cette tâche est énorme et que malheureusement les répercussions ultérieures de cette crise seront considérables.

De même, nous partageons la douleur de ceux, qui, dans le contexte de l'actuelle crise sanitaire, se trouvent dans la souffrance ou même le deuil.

Les circonstances exceptionnelles actuelles sont bien évidemment aussi de nature à mettre notre administration à rude épreuve, mais nous avons su relever le défi dès la première heure. Ainsi, et en vue de maintenir les prestations vitales de notre administration, notre « plan de continuité d'activité communal » (PAC) était opérationnel à partir du 16 mars dernier. Depuis, l'organisation de nos services est telle que nos citoyens peuvent toujours être servis dans la plus large mesure, ceci dans le respect de toutes les précautions sanitaires telles qu'elles ont été mises en œuvre pour préserver aussi bien nos citoyens que notre personnel

qui a su s'adapter avec beaucoup de bon sens et de compétence à des conditions de travail qui, auparavant, n'ont jamais été ce qu'elles sont à présent. Un grand merci à tous !

Parallèlement, une sorte de « cellule de crise » fonctionne en étroite collaboration avec la police Grand-ducale avec, pour but principal, l'information rapide, actualisée et régulière à notre population.

Ainsi, nous nous efforçons non seulement de garantir tous les services nécessaires, mais encore nous avons réussi à vous offrir des prestations supplémentaires pour mieux vous soutenir pendant cette période difficile.

Mais encore, nos services ne chôment pas en ce qui concerne l'avancement de nos projets. Certains assurent la continuité de nos dossiers par le télétravail, sachant qu'à l'heure actuelle, on ignore complètement quel sera l'impact de la crise sur la finalisation de ces projets. Toujours est-il que, peu importe l'issue de la crise, nous sommes parés pour enchaîner et pour finaliser nos projets d'infrastructure, alors qu'aucune hypothèse au niveau des répercussions financières ne peut être écartée à l'heure actuelle.

Pour conclure, il m'importe de remercier tous, en mon nom propre et au nom du collège échevinal, pour leur engagement pour le maintien des activités sociales, et plus particulièrement tous ceux des métiers de santé et de soins, qui font un travail extraordinaire, le plus souvent bien au-delà des exigences et même de leurs forces.

De même, je voudrais profiter de l'occasion pour dédier une pensée particulière à tous ceux que le virus a frappé de plein fouet et qui ont dû laisser partir un être cher sans avoir eu l'occasion de lui dire au-revoir.

Oui, nous vivons un cauchemar ! Mais chaque cauchemar a une fin et ce seront notre courage, compréhension et notre solidarité qui nous permettront de prendre le dessus et d'envisager l'avenir avec un nouvel espoir et forts de l'expérience d'avoir gagné la bataille de notre vie !

Restez en bonne santé. Restez disciplinés. Soyez responsables. Restez chez vous !

Pour que Schiffange revive.

Paul Weimerskirch
Bourgmestre



RETROSPEKTIV | RÉTROSPECTIVE

MEGA SPAASS AM SCHNÉI

Wéi all Joer fueren eis Schouklasse vum Cycle 4.1 vun den dräi Schoulen, ufangs Januar, opgedeelt op zwou Wochen, eng Woch an de Schnéi. An dëser Woch kënnen d'Kanner an och d'Léierpersonal sech op eng aner Aart a Weis kenne léieren.

Bei Sport a Spaass am Schnéi haten si alleguerten eng flott Woch zesumme verbruecht.

Dëst Joer sinn 128 aus 8 Schouklassen op Praz-sur-Arly am Frankräich gefuer. Di éischt véier Klasse si vum 10. Januar bis de 17. Januar gefuer an di véier nächst Klassen si vum 17. Januar bis de 24. Januar gefuer.

Op de Fotoe kenn dir Begeeschterung vun de Kanner am Schnéi gesinn.





BAMSCHNETTCOURS

Am 29.2.2020 fand bei den Ateliers der Gemeinde ein Baumschneidekurs von Gaart an Heem und der Umweltkommission von Schifflingen statt. Trotz des schlechten Wetters fanden sich nahezu 20 Teilnehmer ein, um den Ausführungen von Herrn Bintener zu folgen. Herr Bintener erläuterte sehr anschaulich, was schon zu Beginn, nämlich beim Kauf und Pflanzen eines Obstbaums beachtet werden

sollte. Anschließend erklärte er, welche Werkzeuge zum Bäume schneiden geeignet sind, bevor er an zwei Obstbäumen konkret die Vorgehensweise beim Schneiden zeigte. Alle Teilnehmer bekamen gute Tipps und Ratschläge für ihre Bäume im Garten bis hin zu den verschiedenen Veredelungstechniken. Der Nachmittag klang schließlich bei einer Tasse heißen Kaffee in den Gemeindeateliers aus.

20 JOER AM DÉNGSCHT VUN DER ALLGEMENGHEET



De 27. Februar hat de Schäfferot op déi traditionelle „Auerverdeelung“ invitéiert, wou all déi Leit geéiert gi sinn, déi schonn 20 Joer am Déngscht vun der Gemeng stinn.

Während enger klenger Feier an der „Salle Grand-Duc Jean“ am Gemengenhaus hat de Buergermeeschter a Presenz vun de Schäffen an de Membere vum Gemengerot déi grouss Freed 11 Leit vun der Gemeng a 6 Leit vum Léierpersonal ze éieren.

Folgend Leit konnten hir „Gëllen Auer“ an Empfang huelen: Nathalie Pauly | Romain Bertrang | Jean-Luc Bocci | Alain Dax | Christian Halsdorf | Czeslaw Kosalka | David Ongaro François Reichel | Carlo Schente | Katja Brunelli | Tina Giannessi | Damien Heve | Carole Materazzi | Laureen Scheiwen | Ivan Schievenin

Zwee Geéierter konnten bei der Feier leider net dobäi sinn an haaten sech ënschellegen geloos: Sandra Schalk Valeriani | Marco Schneider



KUCK & KLICK

Am Dienstag, den 4. Februar bis Donnerstag den 06. Februar 2020, organisierte der „Service scolaire“ der Gemeinde Schiffingen in Zusammenarbeit mit dem „Centre de formation pour conducteurs“, erneut das Verkehrsprogramm „Kuck & Klick“ im Hall Polyvalent in Schiffingen.

Das Lernziel von der Aktion „Kuck & Klick“, das sich insbesondere an Kinder aus dem Zyklus 2.1 richtet, besteht darin, Kindern die Gefahren des Verkehrs aus Sicht des Fußgängers aber auch aus Sicht des Autofahrers aufzuzeigen, damit sie das richtige Verhalten im Straßenverkehr erlernen.



AKTIOUN STAMMZELLESPENDE

Merci Merci Merci

E mega Succès hat e Samschdeg, den 8. Februar 2020, d'Aktioun „Stammzellespender“, déi vun der Gemeng zesumme mat der „Association Don de Moelle Luxembourg“ organiséiert gi war.

Vill Schëfflenger Leit awer och ganz vill Leit aus dem ganze Land haten de Wee op eis Gemeng fonnt fir esou vläit de genetischen Zwilling, net nëmme fir de Rizo, mee och fir all anere Leukämiekranken ze fannen.

816 Leit hunn hir Solidaritéit gewisen a sech enregistréiere gelooss!

Am Numm vun alle Kriibspatiente soe mär lech nach eng Kéier e rise grouesse Merci. Vlät ka mat Ärer Spend engem kranke Mënsch gehollef ginn. Mä drécken hinnen all ganz fest d'Daumen.

E Merci geet awer och un déi sëllege Fräiwëlleger, déi deen Dag am Asaz waren. Ouni si hätt dës Aktioun net esou reibungslos iwwert d'Bühn kënne goen.



INTERNATIONALE FRAENDAG

Den 8. Mäerz ass den Internationale Fraendag gefeiert ginn, och zu Schëffleng!

Zu dësem Ulass hat Gemeng Schëffleng an Zesummenaarbecht mat der Chancëgläichheetskommisioun eng Ausstellung iwwert 100 Joer Walrecht an Europa organiséiert. Des Ausstellung krute mir vum "Frauenmuseum" Bonn ausgeléint. An enger Retrospektiv ass duergestellt gi wei ee Land, wéini d'Walrecht kritt huet. Och si verschidde Fraen präsentéiert ginn, déi an hirem Land eng aussergewéinlech Roll gespillt hunn.



Den Dag vum Vernissage huet och ee Workshop an Zesummenaarbecht mat LISER (Luxembourg Institute of Socio-Economic Research) stattfonnt. Jonk an Aal hunn hefteg iwwert d'Ongläichheeten zweesche Männer a Fraen diskutéiert. Duerch de Workshop huet d'Carole Blond-Hanten geschéckt gefouert, si konnt aus de Participante vill interessant Aussoen erauskëddelen.

D'Präsidentin vun der Biergerkommisioun, Nadine Kuhn-Metz an de Buergermeeschter Paul Weimerskirch hunn an hirer Interventioun de Weltfraendag als eng noutwendeg Initiative ervirgehewen.



EIN LEBEN FÜR DIE MALEREI – DER KÜNSTLER JEAN-PIERRE JUNIUS IST IM ALTER VON 95 JAHREN VERSTORBEN

Schifflingen trauert um einen großen Künstler

Jean-Pierre Junius wurde am 28. Januar 1925 in Düdelingen geboren. Mit 20 Jahren, nach seinem Studium am „Kolléisch“ und an der Lehrernormalschule, erhielt Junius sein Diplom. Ein Jahr später zog es ihn nach Paris, wo er ein Kunststudium belegte. Seine Arbeit als Grundschullehrer begann er in Wiltz und arbeitete ab 1955 in Schifflingen, wo er am 21. Februar 2020 im hohen Alter von 95 Jahren verstarb.

Der Bürgermeister Paul Weimerskirch, die Schöffen Albert Kalmes und Carlo Lecuit, die Vertreter der Seniorenkommission und vom Syndicat d'Initiative, hatten noch die Ehre Herrn Jean-Pierre Junius zu seinem 95. Geburtstag am 28. Januar 2020 zu gratulieren, dies im Beisein der Familie.

Jean-Pierre Junius lebt in seinen Werken weiter!



La chasse alpine



100 JOER FIR DEN HÄR RAYMOND GILLE

De 25. Februar 2020 war dem Här Raymond Gille säi groussen Dag. Op dësem Dag huet hien säin 100sten Gebuertsdag gefeiert.

D'Familljeministesche Madame Corinne Cahen, de Buergermeeschter Paul Weimerskirch, d'Schäffen Albert Kalmes, Marc Spautz a Carlo Lecuit, d'Verrieder vun der Seniorekommissioun a vum Syndicat d'Initiative hunn dem Jubilar déi allerbeschte Gléckwënsch entgéintbruet.

Madame Cahen hat déi grouss Éier dem Här Gille am Numm vum Grand-Duc den "Ordre de Mérite du Grand-Duché de Luxembourg" ze iwwerreechen.

Gebuer gouf den Här Gille de 25. Februar 1920 zu Warcg (Frankreich). Wei hien 10 Joer hat ass hien mat senger Famill op Lëtzebuerg méi genau op Zolwer geplënnert.

Am 2ten Weltkrich huet hie Lëtzebuerg leider musse verloossen an huet sech am Frankräich bei de Maquis'en bei engem Bauer verstoppt. Nom Krich ass hien nees op Lëtzebuerg zrëckkomm an huet zu Bieles op der Schmelz geschafft.

Säin Hobby war ëmmer d'Musek an esou war hien och an der Zolwer Musek als Trompettist aktiv.

Mat senger Fra, dem Marie Thill, huet hien sech 1951 zu Pëtscht bestuet an zesumme sinn si déi stolz Eltere vun zwee Bouwen an enger Duechter.

Am Numm vun all de Schëfflenger Leit, wënsche mir dem Här Gille, zesumme mat senger Madame a senger ganzer Famill nach ganz vill schéi Jore bei beschter Gesondheet dobäi.



GENERALVERSAMMLUNG VUN «SCHÉFFLENG HËLLEFT»

De 26. Februar hat d'Associatioun «Schëffleng Hëllef» op hir uerdentlech Generalversammlung invitéiert.

Nodeems de Präident, Paul Weimerskirch, Begréissung gemaach hat ass d'Sekretärin, Jessica Scala, op den Tätigkeetsbericht fir d'Zäit tëschent dem Mee 2019 bis Januar 2020 agaangen.

Hei e puer Eckpunkten aus dem Bericht:

- Et hunn fënnef Comitëssëtzungen stattfonnt
- Schëffleng Hëllef hat e Spendenopruff gemaach fir d'Affer vum Tornado zu Péiteng/Käerjeng ze ënnerstëtzen
- Participatioun un der „Fête des cultures“
- Grille beim Cactus
- Machen d'Oweskeess wann d'Gemeng e Konzert organiséiert
- D'Associatioun „CARE“ an d'Fondatioun „Cancer“ konnten sech iwwert eng finanziell Ënnerstëtzung freeën

Ofschléissend vun hirem Bericht huet d'Jessica Scala e grouse MERCI un all d'Memberen, Donateuren a Benevoller geriicht ouni di dëst alles net méiglech wär.

Fir de Keesebericht war d'Heike Donkols zoustänneg a konnt eng gesond Finanzsituatioun präsentéieren. Di zwee Keeserevisore Marc Bimmermann a John Schlentz hunn der Mme Donkols dann och eng korrekt Keesefeierung confirméiert.

Zum Schluss vun der Sitzung sinn och dëst Joer nees zwee Schecken vun all Kéier 15.000 Euro iwwerreecht gi. Deen éischte war fir d'Fondatioun „Wonschtär“ an den zweeten fir „La Main Tendue Asbl Angela“.

Detailléiert Informatiounen fann Dir op hire jeeweilege Siten www.wonschtstaer.lu an www.lamaintendue.lu.



PREISÜBERREICHUNG „TOMBOLA SENIORENFEIER“



Während der Seniorenfeier im Dezember 2019 wurden alle anwesenden Senioren motiviert einen Fragebogen über Ihr allgemeines Wohlbefinden in unserer Gemeinde auszufüllen und gegebenenfalls Verbesserungsvorschläge zu machen. Jeder ausgefüllte Fragebogen nahm an einer Tombola teil.

Während einer Sitzung der Seniorenkommission wurden drei glückliche Gewinner von zwei unabhängigen Personen ermittelt. Der erste Preis, ein Einkaufsgutschein im Wert von 100€ entfiel auf die Losnummer 25 und Frau Disiviscour-Georg Marie war die glückliche Gewinnerin. Frau Génie Frisch-Reuland konnte mit der Losnummer

293 als Gewinnerin des dritten Preises ermittelt werden und kann sich über einen Gutschein von 50€ freuen. Der Gewinner des zweiten Preises, einen Einkaufsgutschein im Wert von 75€ hat sich bis dato noch nicht gemeldet.

Der oder die Gewinner/in mit der Losnummer 202 kann sich jederzeit bei der Gemeinde im „Service des citoyens et de la communication“ melden.

Am 25. Februar fand während einer kleinen Feier in Anwesenheit von Bürgermeister Paul Weimerskirch, dem Schöffen Marc Spautz und allen Kommissionsmitgliedern die Preisübergabe statt.

NEI MATAARBECHTER | NOUVEAUX COLLABORATEURS

MARTINE BOSCH

Alter:
35 Joer

Equipe/Service:
Service de l'urbanisme
et du développement durable

Kontrakt:
1. Februar 2020



MARCO CLAUDE

Alter:
47 Joer

Equipe/Service:
Équipe nettoyage urbain

Kontrakt:
1. Februar 2020



„DËS SCHËFFLENGER FRAE MUSS EE KENNEN“

Déi Fra, déi mir Äerch an dëser Editioun wëlle virstellen, ass déi drëtt Politikerin vu Schëffleng, déi zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus eng grouss Roll fir hir Partei a virun allem fir d'Fraen eng Roll gespillt huet. Mir hunn en déckt Buch - Méi Sozialismus! - wou mir vill wäertvoll Informatiounen iwwert d'Lydie Schmit konnte noliesen. Dëst Buch, eng politesch Biografie vum Renée Wagner iwwert d'Politikerin Lydie Schmit war ganz wäertvoll Material fir dësen Artikel, well d'Lydie Schmit huet keng Nofolger, déi mir froen konnten. D'Anita Wagner, déi Lydie Schmit gutt kannt huet, huet eis gehollef des d'Duerstellung vum Lydie Schmit lieweg ze machen. Dësen zwou Dammen ee grouse Merci!



LYDIE CATHERINE SCHMIT

31.01.1939 – 07.04.1988

Lycéesprofessesch | LSAP Politikerin

„Die Unterzeichnete, Lydie Schmit, 'Aspirant-professeur' am Escher Mädchenlyzeum, Arbeiterkind und als solches gewohnt, ab Primärschule auf sich allein angewiesen zu sein, erklärt hiermit, auch diese Arbeit allein und ohne unerlaubte Hilfe ausgeführt zu haben.“
(Eidesstattlicher Schwur als Aspirant-professeur)

Vu Schëffleng an d'Welt!

D'Liewen zu Schëffleng

D'Lydie Schmit ass an enger Aarbechterfamill opgewuess. Hire Papp, de Jean Schmit, huet als Mechaniker an der Garage vu ARBED-Schëffleng ugefaangen, duerno ass hin Chef-Mechaniker ginn an huet et bis zum Chauffeur vum Direkter bruecht. Hier Mamm, d'Joséphine Schortgen, ass aus dem Dierfchen Hoen bei Stengefort komm an huet der Famill wéi dat deemools üblech war de Stot gemaach. D'Lydie Schmit ass den 31. Januar 1939 op d'Welt komm, kuerz virum Ausbroch vum 2. Weltkrich. Vum 11. Mäi 1940 bis de Summer 1940 ass d'Famill op Beetebuerg evaküiert ginn. De Papp vum Lydie Schmit ass aus onbekanntem Gronn vun der Nazihererschaft 1944 verhaft ginn, hien ass op Esch komm, duerno an de Stadgronn an duerno mat 4 aner Schëfflenger an de Prisong op Ehrang. Spéider schreift d'Lydie Schmit iwwert d'Verhaftung vun hirem Papp, si war jo deemools ee klengt Kand vu 5 Joer, wier den Dag fir ëmmer an hirt d'Gedächtnis agebrand gewiecht. Lydie Schmit war en Eenzelkand a krut esou och vill Léift an Opmierksamkeet vun hiren Eltere geschenkt. Och wann hire Papp oft wéinst senger Aarbecht am Ausland war, hat si een ganzt enkt Verhältnis zu him. Säin Engagement am Krich huet d'Lydie spéider och staark beandrockt. Hien war awer weder politesch nach gewerkschaftlech soss engagéiert. Als Hobbyfotograf war seng Duechter séin léifste Motiv.

D'Mamm vum Lydie Schmit, d'Joséphine Schmit-Schortgen hat éischter eng dominant Perséinlechkeet an hat och sécher e gewëssen Afloss op d'Liewensentscheedunge vun hirem Duechter. Opfälleg ass et och, dass d'Lydie Schmit bis zu hirem Dot bei hirem Mamm wunne bliwwen ass, obwuel si eng eege Wunneng an der Stad hat. Nom Dot vum Papp 1977 huet sech déi gutt Bezéiung zwëschent Duechter a Mamm nach verdéift.

Nom Krich verbréngt Lydie Schmit hir Kandheet zu Schëffleng, wou si och vu 1945 bis 1952 a Primärschoul gang ass. Vun 1952 bis 1959 war si am "Lycée de Jeunes Filles" an huet, fläisseg an intelligent wéi si war, hei hier Première gemaach. D'Anita Wagner eng Nopesch vum Lydie Schmit kann sech gutt un d'Lydie erënneren a beschreift si als rouegt an léift Kand.

D'Studium am Ausland an Ufank am Berufsliewen

Fir d'éischt studéiert d'Lydie Schmit zu Dijon duerno 1962 op der renommierter Universitéit zu Heidelberg. Zu der Zäit huet si sech als 23-alt Meedche verlobt, si huet awer kuerz virun der Hochzäit d'Verlobung opgeléist an zäitgleich hânt si och hirt d'Studium un de Nol. Duerch hirt neit Liewen als Studentin, an enger aner Welt, déi si bis dohinner net kannt huet an déi finanziell Contrainten vun hiere Eltere, hunn beim Aarbechterkand eng intellektuell Krise ausgeléist. D'Lydie Schmit huet dréi Joer als "Chargée de Cours" an de kathoulesche Privatschoule Fieldgen a Ste Sophie geschafft fir hier d'Studium (Sproochen a Geschicht) ze finanzéieren an huet 1966 hirt d'Studium erëm opgehol. 1970 huet si hier Thees mam Titel "Beitrag zur geschichtlichen Entwicklung der Luxemburger Arbeitergewerkschaften von den Anfängen bis 1939" geschriwwen. Mat der Aarbecht huet si e Meilesteen an der Sozialgeschichtsfuerschung zu Lëtzebuerg geluecht.

Vun 1970 bis 1984 huet d'Lydie Schmit als Professesch am Lycée Hubert Clement Geschicht a Sproochen enseignéiert. Sie war eng beléift Persoun, ganz engagéiert a konnt hier Schülerinnen a Schüler fir d'Geschicht begeeschteren.

Eng politesch Komentenkarriere

D'Fuerschung fir hir Thees huet et och mat sech bruecht, datt d'Lydie Schmit vill a Kontakt mat de Parteien an deene verschiddene Gewerkschaften war, an dobäi hir d'Interessen un der Politik gewuess ass. D'Madamm Anita Wagner vu Schëffleng kann sech gutt un d'Lydie Schmit erënneren an erzielt eis, datt si beim Schreiw vum hirem Theese bei d'LSAP komm ass: "Si sot, dass si beim LAV d'Chance kritt hat, fir hier Theesen ze schreiw, well si wollt och bei de LCGB goen, mee déi hunn si net kucke gelooss. An do ass si bei den OGB-L gaangen, an doriwwer ass si an d'Partei komm."

1970 ass si duerno der LSAP bägetratt a war an der Schëfflenger Sektoun aktiv, dat ass hier awer séier ze kleng ginn, si war 1971 an der Grënnungsgrupp vun de "Femmes socialistes" a gouf 1973 zur Vizepresidentin vun der Partei gewielt. Vun 1974 bis 1980 war si duerno Präsidentin vun där Partei. Si war domat déi éischt Parteipräsidentin zu Lëtzebuerg an an Europa. Mee si hat Schëffleng net vergiess a war vun 1976 bis zu hirem Doud 1988 am Schëfflenger Gemengerot. 1979 ass si an d'Chamber gewielt ginn, huet hirt Mandat awer den 30. August 1980 nees opginn. "Dat huet vill Schëfflenger enttäuscht", méngt d'Anita Wagner.



"D'Lydie Schmit war eng ganz bescheide Persoun och wann si et wäit bruecht hat, an si huet ville Leit gehollef", betount d'Anita Wagner zum Schluss vun eisem Gespréich.

D'Lydie Schmit ass de 7. Abrëll 1988 u Kriibs gestuerwen.

D'Fondatioun Lydie Schmit

Politesch huet si sech verstärkt op internationalem Plang engagéiert: Den 10. November 1980 gouf si Präsidentin vun der "Sozialistesche Frauen-Internationale" a Vizepräsidentin vun der "Sozialistesche Internationale" an dat Mandat hat si bis 1984. Dat si sécher alles wichteg a verantwortungsvoll Posten, déi d'Lydie Schmit mat Bravour gemeeschtert huet. Fir all déi Ämter ënnert een Hutt ze kréien war vill Fangerspëtzegefill an hier gewëssen natierlech Autoritéit huet hier dobäi gehollef.

Ufank 1984 ass beim Lydie Schmit Kriebs diagnostizéiert ginn, trotzdem huet si sech den National- an Europawale gestallt a gouf als Deputéiert op Stroosbuerg gewielt. Während hirem Mandat huet si sech virun allem fir fraepolitesch Themen agesat. Deemools schonns huet si sech an der "Sozialistesche Internationale" fir Paritéit tëschent Fraen a Männer agesat. Si war domadder sécher eng Virreiderin an dem Domaine. Spéider sot si iwwert d'Europaparlament: "Das so oft zu Unrecht belächelte Europa Parlament (E. P.) ist das beste und schönste Parlament der – ach so wertlos gewordenen Welt. Im E. P. kann man, wenn man will, noch für Prinzipielles kämpfen [...] nicht nur für unsere Umwelt [...], sonder für ausgleichende Gerechtigkeit (Nord-Süd) und in Ost-West für den dazu bitter notwendig 'Grossen' Frieden."

Op Dränge vun der Mamm vum Lydie Schmit hin ass d'Fondatioun Lydie Schmit de 4. November 1994 gegrënnt ginn. Et war dem Joséphine Schmit-Schortgen ee grousst Uleies, dass hier Duechter net a Vergiessenheet soll gero-den. Zweck vun der Stëftung ass et Stippendien un Jonker ze verginn, déi aus engem sozial schwache Milieu koumen.

Zu Schëffleng kritt als Erënnerung, déi aal Primärschoul "al Schoul" genannt 1990 den Numm vum Lydie Schmit, si, déi gären am Enseignement war, a fir vill Meedercher sécher eng Virbildfunktoun hat. Um Eck "rue Belle-Vue" an "rue Noël", do wou fréier dem Lydie Schmit hiert Elterrenhaus stoung, steet elo eng Residence, déi den Numm "Residence Lydie" dréit.



École Lydie Schmit

SCHËFFLENG – GËSCHTER AN HAUT!

Säit 2019 proposéiere mir lech eng nei Serie: Fotoen, Postkaarten an Affichen, déi eis un „déi gutt al Zäit“ erënnere sollen. Wie weess nach, wéi d’Gemeng Schëffleng fréier ausgesinn huet?

Dës Rubrik ass net nëmmen eppes fir Nostalgiker an Historiker. Och déi Jonk, ob Hobbyfotograf oder Profi, kënnen sech hei ameséieren.

FOTOSCONCOURS

De Prinzip ass ganz einfach:

Kuckt lech dës Foto vu fréier un, fannt eraus wou se geknipst gouf a schéckt eis eng rezent Foto vun där selwechter Plaz (print oder digital) op scc@schifflange.lu eran. Dir kënnt eis se och gär selwer op d’Gemeng laanschtbréngen.



Source: 1930 Deckenbrunnen, Nels a Roby Schadeck

Déi beschten, kreativsten, markansten oder schéinste Foto gewënnt!

Maacht also mat, well Dir kritt e kleng Präis vun eis!



An där leschter Ausgab hu mir nees vill flott Fotoen erageschéckt kritt a soe jidderengem, dee matgemaach huet e grouse Merci! D’Gewënnerin ass d’Madamm Fabienne HEINZ, déi eis eng naturgetrei Foto vun der AV. DE LA LIBERATION erageschéckt huet.

Him dofir e grouse Merci!





VERSCHIDDENES | DIVERS

PRESENTATIOUN VUM GEMENGESEKRETARIAT: D'HÄERZSTÉCK VUN DER GEMENG

